n° 3505

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 08:51, 26/01/2021

Lëtzebuerg, den 26/01/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Lëtzebuerger Arméi huet am eng Villzuel Friddens- an Hëllefsmissiounen organiséiert. Och a Covid Zäiten, si Lëtzebuerger Zaldoten am Ausland stationéiert. De Risiko sech mat Covid op der Auslandsmissioun unzestiechen ass am Moment iwwerall op der Welt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Zaldote sinn am Moment am Ausland stationéiert?
   Wéi vill vun hinnen si säit dem Ufank vun der Pandemie, positiv op Covid-19 getest ginn?

2. Wéi eng Viirkéierungen hëlt d'Lëtzebuerger Arméi op der Platz fir hier Leit bescht méiglech ze schützen?

3. Wëssend, dass bei Missioune vill Leit op enkstem Raum zesumme liewen, sinn déi sanitär Moossnamen de Standarden am jeeweilege Land ugepasst?
   Entspriechen déi sanitär Mesuren den Ufuerderungen, déi hei am Land gestallt ginn?

4. Wat geschitt am Fall, wou een Zaldot schwéier Covid-Symptomer sollt kréien? Garantéiert de Staat dëse Persounen d'Rescht, fir zréck a Lëtzebuerg transportéiert ze ginn?

5. Wéi een Impakt ka Covid ob déi nächst Rotatiounen hunn? Ewéi ginn dës an dëse Krisenzäiten organiséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 26 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3505 du 26.01.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Opérations pour le maintien de la paix dans le cadre de la pandémie de la Covid-19

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés